



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 5 août 2019
Réf. N° QP -76/19



Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°990 du 30 juillet 2019 de l'honorable Député Sven Clement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Le Vice-Premier Ministre,
Ministre de la Justice

Félix BRAZ

**Äntwert vum Justizminister Félix Braz op
d'parlamentaresch Fro N° 990 vum honorablen Deputéierten Sven Clement**

D'Fro vum honorablen Deputéierte bezitt sech mat Verweis op den Artikel 99 vum sougenannten RGPD op d'Akraafttriede vum europäeschen Dateschutzreglement. Dat europäescht Dateschutzreglement, wéi awer och déi europäesch Dateschutzdirektiv, sinn zu Lëtzebuerg, wéi an den aneren EU-Staten och, a Kraaft. Do wou eng Ëmsetzung virgesinn oder noutwendeg wor ass dat duerch d'Gesetzer vum 1. August 2018 gemaach ginn.

Dass d'Regierung sech och en amont mat den neien Ufuerderungen duerch déi europäesch Dateschutzregelen ofginn huet geet aus der Äntwert vum 1. August vum zoustännegen Kommunikatiouns- a Medieminister op d'parlamentaresch Fro N° 880 vum selwechten honorablen Deputéierten ervir, am Besonneschen aus der Äntwert op d'Fro N° 7.

Aus där Äntwert ergëtt sech och dass et e stännege Prozess ass fir deen, ech zitieren „ *beim Staat den Commissariat pour la protection des données auprès de l'Etat ageriicht ginn (ass) mat der Aufgab fir den Dateschutz beim Staat ze développieren, d'Agenten ob Dateschutzfroen ze sensibiliséieren an gutt Praxisse bei den Administratiounen ze féerden*“. An där Äntwert gëtt och ënnerstrach dass sech d'Aarbechten no der entrée en vigueur vum Dateschutzgesetz vum 1. August 2018 weider intensivéiert hun, notamment duerch Formatiounen um Institut national d'administration publique (INAP) an um Terrain duerch Zesummenaarbecht mam Réseau vun 120 Dateschutzbeoptraagten a Referenten.

D'CNPD ass eng onofhängeg Kontrollautoritéit déi an der Zoustännegkeet vum uewegenannte Kommunikatiouns- a Medieminister ass.